# LANCEMENT

## 26.09.15 **KIERCHBIERG**

INFORMATIOUNS- A FORMATIOUNSDAG
FIR D'PARTEISTRUKTUREN

CSV
CHRËSCHTLECH-SOZIAL
VOLLEKSPARTEI

Léif Frëndinnen, léif Frënn,

De Lancement 2015 ass e wichtegen Moment an eisem Kalenner.

A ronn zwee Joer sinn d'Gemengewahlen, déi vun alle Sektioune fréi genuch a konzentréiert musse virbereed ginn.

Fir d'Organisatioun vun de Gemengewahlen 2017 ass all Sektioun gefuerdert. D'Partei an d'Generalsekretariat wäerten hirt Bescht ginn, fir de Sektiounen ze hëllefen a si ze begleeden.

E wichtegen Deel vun der Begleedung sinn d'Sektiounsgespréicher, déi detailléiert politesch Analyse vun all Proporzgemeng, déi dat ufreet. 23 Sektiounen hu bis elo d'Offer genotzt, fir mat der Parteileedung iwwer déi lokal Situatioun ze diskutéieren.

De 26. September presentéiere mir am Detail eis nei Campagne „CSV … Mat mir a menger Gemeng". Mir wëllen zesummen mat eisen CSV-Gemengenambassadeuren Loscht maachen, sech a senger Gemeng aktiv ze engagéieren. Mir informéieren iwwert eise Gemengewahlen-Formatiounszyklus fir potentiell Kandidaten(innen) an eis Initiativen, fir d'Sektiounen bei hirer Kommunikatiounsaarbecht ze ënnerstëtzen. Mir informéieren och iwwert d'Offer fir e professionelle Coaching bei der Preparatioun vun de Gemengewahlen.

D'Invitatioun op de Lancement riicht sech un all Member, den eng Hand mat upeekt. Gitt hinnen dës Invitatioun w.e.g virun.

Mir wëllen 2017 an de Gemengen untrieden, fir Responsabilitéit ze iwwerhuelen. Um Wee dohinner ass de Lancement 2015 eng wichteg Etape. Mir hoffen op d'Präsenz vun all Sektioun.

**Marc SPAUTZ**
Parteipresident

**Laurent ZEIMET**
Generalsekretär

# PROGRAMM

## 8.30 AUER /// ACCUEIL VUN DE MEMBEREN A KAFFI

## 9.00 AUER /// PLÉNIÈRE

Presentatioun vun de lafenden Parteiaktivitéiten, der neier Campagne „CSV … Mat mir a menger Gemeng“ an den aacht CSV-Gemengenambassadeuren, d’Aarbechten un der Statutereform, Formatiounsoffer vun der CSV-Akademie, Foren …

## 10.00 AUER /// DISKUSSIOUN AN AARBECHTSGRUPPEN

### 1. Aarbechtsgrupp /// CSV … Mat mir a menger Gemeng

Mir wëllen zesumme mat eisen aacht CSV-Gemengenambassadeuren an eiser neier Kampagne méiglechst vill Leit motivéieren, sech an hirer Gemeng ze engagéieren, sief et als Kandidat(in) oder aktive Member bei der inhaltlecher an organisatorescher Parteiaarbecht. Mam Joëlle Letsch vum ATD-Center diskutéiere mir iwwer Team-building als Grondlag fir en effizient an erfollegräicht Schaffen an de Sektiounen. An dem Kontext gëtt och d’Offer vum ATD-Center presentéiert, fir d’Sektiounen bei der Preparatioun vun de Wahlen ze begleeden.

### 2. Aarbechtsgrupp /// Kommunikatioun mat de Bierger

Iwwer déi politesch Aarbecht, déi geleescht gëtt, muss och geschwat ginn. D’Kommunikatioun, d’Informatioun an den Dialog mat de Bierger(innen) si vu kapitaler Bedeitung. Zesumme mat Fachleit informéiert d’Generalsekretariat iwwert d’Offer fir op d’Moss d’Sektiounen an hirer Kommunikatioun ze ënnerstëtzen, sief dat online (nei Sektiounsinternetsäiten, Präsenz an de soziale Medien…), am Print (nei a méi flexibel Formule vum Op de Punkt …), oder am direkte Kontakt mat de Bierger.

## 11.45 AUER /// OFSCHLOSS

## ADRESS VUM DAG

HOTEL SOFITEL EUROPE

4, rue du Fort Niedergrunwald
L-2015 Lëtzebuerg

Mir bieden Iech, w.e.g. bis
den 23. September am Generalsekretariat
op csv@csv.lu / 225731-1 unzemellen